ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An der Editioun vum Lëtzebuerger Bauer vum 19. Mäerz 2021 war am Artikel "Nationaler Strategieplan – Landwirtschaft bislang außen vor", ze liesen, datt déi landwirtschaftlech Verbänn an och d' Beruffskummer bis lo net an d'Opstelle vun dësem Plang mat abezu goufen, obwuel si fir en Dialog bereet stinn. Si äusseren den Androck datt d'Regierung eng Haltung vu Gespréichsverweigerung anhëlt. Dësen nationale Strategieplang uerdent sech an de gréissere Kontext vun der Reform vun der gemeinsamer, europäescher Agrarpolitik an.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Landwirtschaftsminister:

1) Wéi reagéiert d'Regierung op dëse Virworf? Wéi begrënnt d'Regierung déi Entscheedung, fir net op d'Expertise vun deene Leit zeréck ze gräifen, déi um Terrain all Dag mat de Konsequenze vun hirer Entscheedung konfrontéiert ginn?
2) Wéi wéilt d'Regierung sécher stellen, datt déi landwirtschaftlech Interesse vu Lëtzebuerger an Europa adequat berücksichtegt ginn, wann si mat deene wichtegsten Acteure guer net schwätzt? Wéi eng Gespréicher huet d'Regierung am Kader vum Ausschaffe vun dem genannte Strategieplang bis lo mat de Vertrieder vun de Baueren- a Wënzerverbänn gefouert? Wéi eng Entrevue sinn an dem genannte Kader an den nächste Méint mat de Baueren- a Wënzerverbänn scho fixéiert oder nach vum Minister envisagéiert?
3) Wéi eng technesch, finanziell an ökologesch Theme ginn an dee genannte Strategieplang mat opgeholl?
4) An deem uewen zitéierten Artikel heescht et och, datt ënner anerem Vertrieder vum Ëmweltministère bis lo méi staark an d'Gespréicher agebonne ware, wéi déi betraffe Verbänn selwer: wéi eng interministériel Vertrieder sou wéi ausserministériel Verbands- an Interessevertrieder goufe bis lo an d'Ausschaffe vun deem Plang mat abezunn? Zu wéi engen Aspekter hunn si sech abruecht? Wéi begrënnt sech jeeweils hir konkret Participatioun?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten